
# DORNRE'SCHEN

Manon Pletschette



## I AKT

**Finn** : So Gre'dy, du mist jo baal me' wessen, dei Médchen Schafft jo hei um Schlass. Iwerall get verzielt dât haut de Puppelchen um Schlass soll ukommen, mé ké Mensch wéss eppes genées.

**Ketty** : (fällt an't Ried) Majo de Nekel huet gesôt, dem Klos senger Fra hirer Schwester hirem Jong, an dém sei Frend dé soll Wooner hei sin, an dén huet gesôt, um Schlass geng alles drener an driwer goen, so' dât é bal kennt mengen et wier geschwenn so' weit.

**Gre'dy** : Eist Märchen huet verzielt, um Schlass wiermm en extra't Zemmer fir de Puppelchen agericht gin, wo' seng We' dra steng, eng onmass Spillsâchen a lauter nei Sâchen fir unzedoen.

**Kôds** : Jé, jé wât die Fraleit awer firwetzeg sin ( den Tun kennt eran). Ech ka mech nach gutt erenneren we' de Kinnik ob't Welt kom ass.

**Nekel** : Wâr dât net dât Johr wo' dé Schroe Wanter wâr. T We' ass bâl erkâlt am Stall.

**Kâos** : Mé do kennst de narwell recht hun, et war am Härz vum Wanter an de ganze Park war ageschneit. Mir ko'me just bis bei die gro'ss Pârt do ennen. An do stonge mer lâng, bis endlech de Prenz sech ugekennecht huet.

**Tûn** : Da war ech démols scho me' lo's we's du. Ech war am gâng am Stall Be'schten ze fidderen, ob émol he'oren ech et fierchterlech krâchen,"ech duecht, de Kirchturm wier emgefall", ech lâfen ob't Strôss a wés de wat et wâr: D'Kano'nen hun de Prenz ungekennecht.

**Kand-Maisy** : (kreischt) Nomi, sie fuddelen emmer, sie hu mer all meng Jicken ofgeholl.

KANONEN ( alles zielt mat).

( 4 Kanner- (3 Bauern) Bauren + 5 Hirden kommen iwerdém eran)
lenks lenks reehts

Finn : Et huet 6 x geschoss. Endlech hu mer eng Prinzessin kritt.

(6) **B A L L E T vun de Kanner (4 Méd. + 4 Jongen)**

K- Susi : Dass eng kleng Prinzessin, Bravo! Mir hun eng Prinzessin kritt. ( léft da se'er fort)

K- Milly : (7) wuer léfst de dann, bleiw dach hei?

K- Susi : (8) Ech hu lo keng Zeit

K- Pierchen : Pa eng Prinzessin. E Prenz hätte mir me' ne'deg gehât we' eng Prinzessin. Wat mâche mir mat enger Prinzessin ?

K- Lotti : "Wann ech gelifft" Eis Kinigin huet sech eng Prinzessin gewenscht, an't Kinnekswensch gin an Erfellung.


Herold : (Ausriffer) ~~mat enger Schell~~ ( ~~Bild~~ ) Text Kapfer Wann den Hérold net sange kann - dann ob Pergament - mat Fanfare - Pagen

(10) (2 Hellebardien kommen fir Plâtz ze mâchen)

Hellebardier : Plâtz gemâch fir de Kinnik
" " fir de Festzuch

(Kanner an't 'Leid mâche Spale'er )

De Festzuch (Marschmusik) Hay



2 Hellebardien
2 Pagen
2 Dammes d'honneurs
Kinik

Susi : (11) Dass ~~inzwischen~~ an déser Zeit rem komm mat engem Bouquet a gett dem Kinik en)
Am Numm vum ganzen Durf gratule'eren ech ! Mir sin allegurten so' fro' mat der Prinzessin a mir wenschen hir all Guddes ! Eis Prinzessin soll liewen
Hech
Hech alles rifft mat
Hech

KLOS an de Kinnik an t Kinigin dernierwent.

( den He'ch get gesong) Schoer am t'Leit. Hay
He'ch soll'n se liewen
" " " "
3 x he'ch

(12) ( de Kinik get en Zéchen, dass hie riede welt)

Hellebardier : (tuppt mat der Hellebard) de Kinnik schwetzt.

Nurse : O mei eis Prinzessin ass midd vun dèr ustrengender Feier. Eĉh sange hir engt klengt Schlofliddchen.

(May) (15)

Schlof Prinzessin, schlof an der We'chen
Schlof a mâch deng Guckelcher zo'
Ref.: Le'wer Herrgott schek him Gesondhét
Mut a Krâft a Reichtun derzo'.

Hâl eweg vun him Léd à Suergen,
Brét iwer d'Kand deng allmächteg Hand

Dei Schutzengel soll dech behidden,
dech léden durch d'Liewen Herzegt léft Kand.

(tFéen kommen vu rechts ~~a lonke~~ eran. a stellen sech Si verneigen sech virum Kinnik an der Kinigin) Sie trieden Koenén virun d'We' a soen hire Sproch.

1. Fee : Reichtum a Gold mat vollen Hännen
kanns du verdélen emmerzo'
wâts du upeks, soll gelengen,
Gro'ss a Kleng mâch reich a fro'.

2. Fee : Der Prinzessin an der We'
Weiss we' Schne' a ro't ~~we'~~ Blut
Schenken ech des winzeg (Ble')
Sief ewe' sie : reng, zart a gudd

3. Fee : Dornre'schen hierzecht Köndchen,
Gott behitt dech vum Léd
Schenk dir munneg se'leg Fréd

4. Fee : We' e Schéfchen douce a kleng
O'ni Schmierz an o'ni Kloen,
Ge' duch Liewen fromm geng,
t'Glech soll emmer bei dir Stoen.

5. Fee : We' de Villchen sengt sei Lidd
Op dem Trausch an op der Mauer,
Siew och emmer dei Gemitt,
O'ni Suerg an o'ni Trauer.

(Plötzlech kennt a Page era gelâf vu lenks bei de Kinnek)

Page : Här Kinnik, dohannen........

( Die be's Fee kennt eragestirmt, v. lenks bleiwt virun der We' stoen, a mecht zum Kinnek zo' eng drohend Bewegung :

Be's Fee : So', so'..... eng intim Feierlechkét !
All meng nobel Schwesteren sin invite'ert
nemm ech eleng net !
Awer ech kommen ongeruff, fir dém do.....
(weist mam (Stâf) op Prinzessin ) och mei Geschenk
ze brengen.
Nu lauschtert gudd : Wann Prinzessin 15 Johr âl get, soll se sech un enger Spendel piekes, niederfâlen a stierwen. [illegible]

(All doen se d Krésch)

All : Arem Prinzessin Dornre'schen ( Si kräischen)

6. Fee : "Ro'heg ! Lauschtert ! Ech hu mei Wonsch nach auszespriechen. Bero'egt iech alleguer.

Sire ! Ech kann der be'ser Fee hire Sproch net reckgängeg mâchen, awer erlichteren.

PRINZESSIN SOLL NET STIERWEN !

SIE SOLL loo JOHR SCHLOFEN !

NO DENEN LOO JOER KENNT E PRENZ SIE ERWECHEN

**B A L L E T vun de Feen** 

De ↗ endeckt se dat se fort gin mat Musik rechts

Kinnek : " Adjutant ! Dir hut gehe'ert, wât die be's Fee gesot huet. Hei wât ech befehlen !

Fir en Ongleck ze vermeiden, sollen a mengem ganze Land all Spendelen opgesicht a verbrannt gin. Wien trotz mengem Befehl nach eng Spendel am Haus behält, get ma'm Do't bestpoft.


Scheckt Boten durch d'ganz Land : No Norden, Süden, Osten a Westen !

( Den Adjutant gre'sst a gét fort) au't Sellans.

V O R H A N G

# II AKT

Am Bösch - Et geseit Schlass vu weitem




Kobo

( De Rumpelstilzchen setzt hannert engem Bâm)
( 6 Kanner als Blummen op der Bühn)

De Besch erwecht **BALLET-Blumen** (Musik Grieg)
De Ballet endegt wi' we' Ufangsposition

2 Peiperleken kommen vu rechts geflùn bei't Blummen lenk

1. Peiperleck : Soll eis Prinzessin och haut hier ob't des Plâtz kommen.

2. Peiperlek : Ganz bestömmt, well hei ass jo hier Lieblingsplâtz.

1. Peiperlek : Mé dât wés ech och, ech hu ~~xixixkk~~ geduecht well Prinzes haut 15 Jôhr kritt, hätt sie vleicht keng Zeit fir heihi ze kommen.

(Kawâchelchen hopst vu lenks eran bei de Bâm rechts)

2. Peiperlek : O hei, eis't Kaw. ass och rem do.

Kawechelchen : (4) A wât macht dir 2 so' fre' hei am Bösch.

1. Peiperlek : Ma well Prinzessin all dâg hei op des Plâtz könnt, wellte mir se haut op hirem Geburtsdâg och net verpassen.

(' den Hues könnt vu rechts eran bei die âner.
2 Himmelsde'er hannendrun. )

Hues : Wât ass da nemme lass haut. All De'eren am Bösch sin ob de Bén.

1 Himmelsde'er: Mir sin dir durch de ganze Bösch nogeflun fir dir t'Neiegkét matzedélen.

2.Himmelsde'er: Well et as~~x~~ ganz wichteg, mir därfen eiser Prinzessin hire Geburtsdâg net verpassen.

Kawechelchen : Ech sin och do derfir. Prinzessin huet so' oft mat eis hei gespillt a mir håtan so' vill Fréd zesummen.

(Prinzessin vu lenks erah. Gét bei de rechtse Bâm Blumen plecken)

Hues : O , eis Prinzessin ass do.

Prinzessin : (2) A wât huet iech dann aus dem Schlof erwächt.

1 Himmelsdeer: Ma Dornre'schen - Haut ass och en extraen Dåg.

Prinzessin : Ass et da'nnieren we'nst mengem Geburtsdåg . Dofir sin ech och haut me' fre'. opgestån. Ech muss nach vill Plumen plecken, fir de Festsall ze reschten.

2 Himmelsdeer: Kenne mir dir dann dobei net hellefen.

1Peiperleck : Ech hun eng Idee. Mir ginn all zesummen durch de Bösch a sichen die beschte Plåtzen eraus, wo' e vill Blumen plecken kann.

Prinzessin : Dât ass awer se'er le'w vun Iech. Villmols Merci.

(De'ere fort, rechts.

(3) Wât ass dât awer flott, wann én am Bösch De'ere fir Frönn huet, da fillt én sech guèr nét so' leng. Sie sin emmer hellefsberét a gut gelaunt a kenne ké be'st Wuert.

( 3 Kanner kommen vu lenks eran mat engem Cadeau)

Yola. : (4) Endlech hu mer dech fond. Mir wåren schon ob't Schlass, well mir wollten dir e klenge Cadeau fir dei Geburtsdåg gin.

Kuni(Jung) : We' mir dech dun am Schlass net fond hun, si mir am Park dem Gärtner bege'nt an dén huet eis gesôt, en hätt dech gesin an de Bösch goen.

Geraldine : Gottseidank dat mir deng Lieblingsplåtz am Bösch kennen. We' hätte mir dech soåå fanne können.

Yola : Le'wt Dornre'schen.(verneigen) All deng Frenn a Frendinnen wönschen dir vill Gleck fir dei Geburtsdag an sie hun eis mat desem klenge Päckelchen bei dech gescheckt.

Prinzessin : Dât ass awer se'er le'w fun iech dât dir ob mengem Geburtsdåg u mech geduecht hut - A wât soll nemmen an desem sche'ne Päckelchen dra sin. (5)

Geraldine : Gefällt et der .

Prinzessin : Dass wonnerscho'n. So' eppes hun ech mer scho laňg gewönscht.

Kuni : Mei Papp, dé jo Geldschmat ass, huet dât estra fir dech gemét.

Prinzessin : Bei deser Geléenhét invite'eren ech iech alleguerten ob meng Geburtsdâgsfeier haut den Owend am Schlass.

All : Merci, Dornre'schen, Merci.

Prinzessin : Bis dann den Owend le'w Frenn, a brengt die aner och all mat.

(Kanner gi rechts of)

Prinzessin : Ech fenken lo bâl u mitt ze gin, ech well mech e besse raschten. (setzt sech ob de Bâmstamm ~~rechts~~ lenks)

(De'eren rechts eran .)

Kawechelchen : Le'wt Dornre'schen. Mir hun eng Plâtz fond, wo' vill vill vun denge Lieblingsblumen ble'en.

Prinzessin : (6) A wo' ass dât dann. Ass et weit ?

1 Peiperlek : (7) Desem Wä muss de nogoen bis bei die deck Eech. dann hells de dé klenge Pâd rechts em't Ke'er bis enne bei't Bâch. Do gét et iwert eng kleng Breck, a schons geseis de et an alle Fârwe liichten.

Prinzessin : Da machen ech mech énzock op de Wé. (8)

Hues : (9) Né né le'w Prinzessin. Wârt nach e bessen

1 Himmelsde'er : Mir hun eis nämlech eng kleng Iwerraschung fir dei 15 Geburtsdâg ausgeduecht.

2.Himmelsde'er : Huel der Plâtz Prinzessin. (Die 2 Himmelsd. huâlen et mat der Hand a fe'eren et bei de Bâmstamm)

**B A L L E T - DE'EREN** bleiwen op der Zilen Positioun ass egal

Prinzessin : (10) Merci, dat do huet mer zer vill Fréd gemâch.

De'eren all : Addi, Dornre'schen a nach e sche'ne Geburtsdâg (rechts fort. (11)

Prinzessin : Né né, haut kennt awer eng Iwerraschung ob die âner (iwerdém gét et sei Päckelchen sichen dén um Bâmstamm leit) setzt sech undenkleech

( Kinik a Kinigin kommen vu lenkks eran, Sie sin ennerwé fir bei eng Juegdgesellschaft)

**Kinik** : Hei bass de mei le'wt Dornre'schen !

**Prinzessin** : (sprengt op) Papa, Mama kuckt wat ech lo just vu menge Frenn kritt hun. De Kuni huet gesôt, sei Papp hätt dât speziell fir mech gemâch. (12)

**Kinigin** : Dât ass awer eng wonnerbâr Arbecht, mé fir dech le'f Prinzessin ass wirklech neischt ze sche'n.

**Prinzessin** : Merci awer och Papa fir deng Geschenker
" Mama fir all deng Le'ft
Oh, ech sin so' fro' eso' glecklech
ech ka kengem Mensch et soen
(13) Kann an dierw e Mensch eso' glecklech sin. - Paus.
(léft bei seng Elteren an emärbelt se.)
So Mama, Papa. duerw ech nach donidden an de Bösch
meng Lieblingsblumen plecke goen.

**Kinigin** : Jo, mei le'wt Kand, pass awer op dat der neischt geschidd.
(Dornre'schen rechts fort)

**Kinigin** : (14) We' de' Zeit vergét! Elo huet eis Prinzessin 15 Joer. All Prophezeiungen vun de gudde Feen si bis elo an Erfellung gângen. Dornre'schen ass e sche'nt, gudd, gescheit a bravt Médchen gin. (Si denkt no) (15) Mei Gott! Ech wellt haut wir eriwer. Prophezeiung vun der he'ser Fee.......

**Kinik** : (16) ~~Madame~~! Mâcht ~~Iech~~ du keng Suerg!
Denkt net me' un dât, wât de' be's Fee gesôt huet.
An et ass keng Spendel me' am ganze Land. Losse mer eis freén mat eisem Le'wen Dornre'schen !
(Dornre'schen ass iwerdém erem era gelâf komm ) rechts
b. l. Elteren

**Dornre'schen** : O Papa ! Mama ! Erem eng Iwerraschung !
(En aale Hiirt kennt eran) Därw ech!

~~XXXXXXXXXX~~ :~~XXXX~~

**Kinik** : Ma gewess - ~~Sie sin härzlech wellkomm.~~

**Aale Hirt** : (17) Sire, Madame. Hirden an Hirdinnen wäre fro', wann Sie d'Erlâbnis krieten, der Prinzessin hir Gleckwensch présente'eren ze dierfen, an hir zu E'eren e klenge Volksdanz opfe'eren kenten.

**Kinik:** Sie sin härzlech wellkomm.

(Den aale Hirt wenkt hinnen) b. Kulis
Hirden an Hirdinnen vu rechts eran - Sie verneigen sech an dann de

| BALLET (Hirden an Hirdinnen) |
|---|

bleiwen an der Schlussposition stoen

Dornre'schen : Bravo, dât do war sche'n.

(Et he'ert én Juegdhörner vu weitem - Hirdônn an Hirdinnen verneigen sech a gin rechts of.)


Kinik : ~~Madame~~. Mir musse fort. Mir durfen d'Juegdgesellschaft net me' lang wâderlossen.
Avoir, le'ft Dornre'schen.

Kinigin ; Avoir, mei le'ft Kand bis den Owend.
(Kinik a Kinigin rechts fort)

Dornre'schen (18) Ech wellt all Kand hätt eso' gudd Elteren we' ech! Sie si bâl ze vill gudd an ze vill besuergt fir mech. A wât soll ech elo ufenken ? Nach nie war ech eleng, an nach nie konnt ech Schlass vun enen bis uewen durchs~~töberen~~ mechelen. - Mé lo gin ech nach se'er meng Blumen plecken - An da well ech d'Inspektio'n am Schlass nohuelen.
Do, an dém groen Turm well ech ufenken.
(rechts fort)

Kolo ~~Rumpelstilzchen~~: (19) (Laacht) Dât do wâr eng gudd Idee, Dornre'schen. Kommedu an't Turmzemmer, Die be's Hex wärt um Rendez-vous sin.

# III AKT




6 Meis kommen vu lenks eran mat Musik

**BALLET**

(Nom Ballet lâfen t'Meis kreiz a quier am Zemmer)

1 Maus. : rechts v. der Tru) Mir schengt et wie wa keng Fâl obgerîcht wier.

2.Maus : (lenks v.Spannrad) hei an der Gegand ass och keng.

3.Maus : (önnert dem Desch) Jupi, da kenne mer lo an aller Ro' no eppes sichen fir ze frupsen.

(Sie gin iwerall Schnupperen) (A)

4.Maus. deck : (4) Et richt én awer och guer ké Speck an eeh sin ~~xx~~ so' hongerech.

5.Maus : (2) Da gedellech dech bis den Owend (3)

~~4~~6.Maus : nach so' lâng

6.Maus : (4) Dir schwetzt vun den Owend. Wat ass dann den Owend lass (5)

5.Maus : (all an engem H/krés) Di~~h~~ kennt Ich net virstellen vu wo' ech elo kommen.

1.Maus : Dajé, da mâch et net eso' spannend.

2.Maus : Ro'eg, ennerbriech dach net emmer

5.Maus : Ech sin e bessen a~~m~~ Schlasspark spaze'eren gâng, hun u neischt geduecht an op émol ass ém herrlechen Doft mir an't Nues gekroch, ech sin dem Doft du nogâng a wess der vu wo' dé gudde Geroch ko'm.

3.Maus : Ja, vu wo' dann ?

5.Maus : Ma aus der Schlass-kichen.

All : Aus der " "

5.Maus : An, ech hu geduecht, hei muss eppes me' lass sin. Ech klammen t'Mauer erop, sprangen ob't Fensterbried - A wât gesin ech do, die herrlechste Schnéckereien.

| | | |
|---|---|---|
| 5. Maus | : | A wât notzt mir dât dann. Ech sin elo hongerech |
| 6. Maus | : | Du bass awer so verfrôssen (A) (Gärtner fort) |
| 2. Maus | : | Et kann dech alles neischt dengen. Mir musse warden bis t'Fest eriwer ass. Da wärs de gesin dat nach genuch fir eis iwreg ass. (et he'ert én t'Schlesselen rabbelen) |
| 3. Maus | : | Et kennt én, se'er fort (Sie lâfen durch all Kuliss fort) |
| Be's Fee | : | (lenks eran) wieder lacht a reift sech t'Hâän. 15 Johr hun ech ob desen Dâg gewaart. Haut gét mei Wonsch an erfellung. De Kinnek hat gemengt all Spendelen aus sengem Kinnekreich wäre verbrannt gin, mé do hât en sech geirt. Zaldoten hâten zwar gudd gesicht, mei Geheimfach an deser Tru hâten se awer net entdeckt (6) (Sie geheit t'Kléder all eraus, helt Spendel raus) Kléder drau (7) So muss ech nach Spendel vergeften an dann Dornre'schen heihinner lakkelen (raus z) (iwer desem Satz kennt de Kobo (Zwerg besen) rechts eran) (8) Mé we' mân ech dât? (9) |
| (B) Bedingt. kient eran | | |
| Kobo | : | Meschteg, dât gét elo ganz einfach. Ech hun Dornre'schen am Bösch gesin an hun he'eren we' et geplangt huet, Schlass ze durchmoschteren an hei an desem aalen Turm wellt et ufänken. |
| Be's Fee | : | Mé dât passt grad just a mei Plang, Kobo. A nu wief un't Arbecht (10) Ech muss nach so munches hei an't Rei mâchen, ge' du aus a lauert Dornre'schen op. So' bâl we's du et vu fâren geseis kommen, da kennst de mir et melden. |
| Kobo | : | Dât get gemét (lenks fort) er hopsert (B) Bedingt. fort |
| Be's Fee | : | So' an elo get Spendel vergeft - Gottseidank (11) hun ech schons geschter owend all meng Tinkturen, Essenzen an Elixieren hier an't Turmzemmer geschmuggelt. (opzielen) 2 Hâr v. den Dâmmen<br>1 Huerch aus de Knachen<br>3. Lâft v. den Dexklen<br>4. Hiller v. de Pilzen<br>Lo ass meng Meschung gärdeg bis op 7 Drepsen Kreizspanneblut an e Fangerhut voll Fledermausspaut. |

(iwer dem Satz, Virspill v. Ballet)

Be's Fee : Erbei, erbei dir Spannen a Fledermeis, är Meschteg rifft iech zu Dengschten

| Ballet - 2 Spannen + 2 Fledermeis |
|---|

(Sie rifft eng Spann, pickt se an den Arem a quetscht Blut eraus)
(Duono hellt se eng Fledermaus etc...(MUSIK)

Aer Mission ass erfellt - dir wart mer zu Dengschten.

Zreck-zreck-zreck.

(Sie hellt dât Gefäss wo' alles dran ass, mescht Blut a Spaut derbei a re'ert. Sie fiert dermat iwert eng Kärz)

D'Flâm vun deser Kärz loss t'Meschung wâlen.

Spendel huet des Geft op. (Sie zappt Spendel a weist se dem Publikum)

Dornre'schen, Dornre'schen, dein Urtél ass gesprach. Nach ier t'Sonn ennergét, brengt des Spendel dir den Do't (12) (Sie mecht Spendel ob't Spannrâd) hiiiii

(Bühn hell)
Lo awer se'er. Zeit ass Knapp. Dornre'schen därf mech net erkennen. (Sie gét bei't Tru a verklét sech)

(13) Och meng Stömm muss sech veränneren (drenkt) Musik a puer Text

Kobo : Dornre'schen kent 2 X (hell)

Be's Fee : Merci Kobo (hell Stömm) verstopp dech se'er hei eran (an't tru) - (Sie setzt sech bei Spannrad) (C) 2 Kichefeuer ... Bühn ... Lämpen schalten den Hannergrond

Dornre'schen: (kent eran, a kuckt gerwonnert ronderem)

Be's Fee : O meng Aen si guer net me' un de' hell Lucht gewinnt (14) Wie bass du ? A wât kenns du hier mâchen ?

Dornre'schen: Ech sin Dornre'schen,Prinzessin aus dem Schlass.
Bonjour Gro'si !
Oh we' sche'n ! Wât ass dât do fir é Spill ?
Eso' eppes hun ech nach nie gesin. Vir wât léft dât Riedchen ronderem a wât hues de do an der hand ?

Be's Fee : Dât ass e Spannrâd, mei le'ft Kand, a wât ech domat mâchen, well ech der elo soen.
Lauschter gudd no !
(Sie sengt e Lidd vum Spannen od. de Cho'er)
2 Kätzen spillen an — Aus dem Zwergevollek um Groestén Spannlidd S.16

entschellegen.

Dornre'schen : Bravo, dât ass e sche'nt Lidd. A Spannen woll ech och le'eren. Le'w Gro'si, ~~weis mer mâl, wo dât gét.~~ loss mech mol probéieren (E) Kach a

(hat helt Spendel an't Hand, pickt sech an dét Kresch.......... hat entschle'ft um Stull. Be's Fee lâcht a le'ft eraaus.)

**R I D E A U Kurz zo! 5-1o Min.**

1oo JOER DUENO ( ob't der rechser Seit v.d.Bühn gespillt-Terrasse)

Hirt : (15) Wât e Wonner, o mei Prenz ech komme mer es net zo'. Die däreg Heck an där schon so' vill jong Prenzen hirt Liewen hu misse lôssen ass virun eisen Aan verschwonnen an eng Blummestrôss huet sech obgedo.

Prenz : Ech hu bis elo nemmen Gerüchter he'eren. Dir sidd schons me' aal a bestömmt aus deser Ge'gend. Erzielt mer mol alles, wât der vun desem verwonschenem Schlass wesst.

Hirt : (16) We' ech nach kleng wât an ob mengem Bopi sengem Scho'ss so'tzt, huet dé mer vun sengem Gro'sspapp erzielt. Dé war och schon Hirt an deser Ge'gend an huet Dornre'schen a seng Elteren gutt kannt. - Besonneg stolz war en drop, datt hien um Dornre'schen sengem 15. Geburtsdâg den Danz vun den Hirden ugefo'ert huet an deselvechten ~~Dag~~ Owend soll die gro'ss Heck em't Schlass gewuess sin. Vun dém Dâg un, soll ké me' eppes vum Schlass a senge Leit he'eren hun.
Et go'fen zwar Leit de' behâpt hun, t'Verwenschung geng nemmen1oo Joehr daueren, mé et wo'st kén eppes genaues.

Prenz : Ma sollen dann haut die 1oo Johr eriwer sin, dat die Heck verschwonnen ass.

Hirt : Entschellegt mech mei Prenz, et get mer ongemellech, ech mâche mech le'wer ewech (rechts fort)

**Prenz** : (dre'nt'sech em a geseit Leit schlöfen)
Sollen all die Leit hei zenter loo Joer schlöfen hun. (E get an hierwt en Arem an't Lucht etc.)
Wo' fannen ech elo Prinzessin, hei gét et an't Schlass eran.

(Währenddém wo' hien hannelanscht gét, sengt de Cho'er : aus der Wonnerkro'n(Hülsemann)

"Kenn e jonge Prnz dohir, Re'schen, o sche' Re'schen !
Dien hat t'Re'schen enzock gier,
fircht keng Heck, keng pickeg Dier,
gét si keng eele'sen :
Re'schen, Re'schen ro't we' Blut,
o Mir hun dech gären !

AM TURMZEMMER

**Prenz** : De Prenz kent eran a geseit Dornre'schen:
De Prenz deklame'ert :

Melodrame )( Wa me'glech mat Musik)

O Gott a wât gesin meng Aan,
en Engel dén do re'heg leit
et schengt ewe' é gro'ssen Drâm,
Ech hu mech net emso geheit.

d'Sonn de' schengt me' hell a kloer,
de Fridd beim Léer steht ze wâchen,
du hues geschlof nun loo Joer,
Haut basst erle'st, du kanns nés lâchen.

E se'ssen Dâ fällt vun de Blieder,
Frei vu Led a be'sen Suergen,
Net auszedrecken ass a Wieder,
d'Gleck vun desem helle Muergen.

Peiperlen de' fle'en ganz entzeckt,
an der klorer Fre'johrssonn,
de' schon so' munscherén begleckt,
Och dir si schenge soll, all Stonn !

De Prenz kesst d'Dornre'schen.
Et schle't d'Aen op, kuckt ganz verwonnert a sét

**Dornre'schen** : "Mei le'we Prenz ! " (et récht him d'Hann)

(Wann d'Dornre'schen erwächst erwächt och alles op der aner Seit)
Kach a Kichejong
De Kach hét dem Kichejong eng erof a sét :

**Kach** : Du hues meng gudd Sauce ubrenne geloss, du Neischtert !


**Kichejong** : A wo' soll se net ubrennen, wo' se elo loo Johr um Uewe ston

BALLET - Kichenmaul



Rideau

# IV AKT




(1) (Kinik a Kinigin kommen mat 3 Pagen eran de' 2 Still an e klengen Deschelchen ob't Terrasse setzen.

**Kinigin** : Dann ass' Prophezeihung vun der be'ser Fee nun awer an Erfellung gângen. loo Johr Schlôf !

**Kinik** : loo Johr hu mir geschlôf. Et ass bâl net ze glewen. Trotz mengem Verbot ass awer nach 1 Spendel iwregbliewen, wo' eis't le'wt Dornre'schen sech dra gepickt huet.

**Kinigin** : A wo' soll et nemme sin ?

**Kinik** : Bero'egt dech, mir werten et scho fannen. Page, 2 Hellebardien sollen heihinner kommen. (Page fort an't Schlass. - ~~Kinigin get bei't Rosen~~ (2)

| R O ' S E B A L L E T |
|---|

( de Ballet endegt so', dat se rem an hirer Pos. sin we' vidrun)

(2 Hellebardien kommen aus dem Schlass.)

**1.Hellebardier:** Här Kinnik, dir hut eis ruffe geloss.

**Kinik** : Fant eis't Dornre'schen a verkennegt am Durf dass t'Schlass rem erwecht ass. Jidderen ~~aus dem Durf~~ ass härzlech wellkommen ~~bei ob't Schlass ze kommen~~, ~~wou~~ e gro'sst Fest gefeiert ~~get~~. (2 Hellebardien ~~rechts~~ fort)

K + K. sech setzen

6